DÉI ONBELÉIFTSTEN AUS DER BIODIVERSITÉIT

ECH SINN DE KUEB

Ech sinn net ganz beléift, mee:

Ech hu vill Qualitéiten:
ech sinn trei, couragéiert, virsiichteg, sozial…
eent vun deene **gescheitsten** Déieren!

Ech hunn eng héich **emotional Intelligenz** a ka mech u friem Gesiichter erënneren.



Ech sinn de 'Geier' vu Lëtzebuerg,
dee Guddes mécht:

Ech entdecken doudeg Déiere séier an droen op natierlech Aart a Weis zu hirem schnelle Verschwanne bäi.

Also **botzen** ech är Stroossen, är Trottoiren an är Felder gratis.

Ech sinn en **Ernteschützer**:
Ech iesse vill Insekten a kleng Nager, déi schiedlech si fir landwirtschaftlech Kulturen.

Mënschen hu mir fréier aus **Awerglawen** e schlechte Ruff ginn.
Genee wéi d'schwaarz Kaz sinn ech d'Affer vu menger **Faarf**.
Vill Mënschen associéieren déi schwaarz Faarf mam Iwwel a mam Ongléck.
Glécklecherweis hu mir evoluéiert an dës al Iwwerzeegungen opginn.

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

LÉIERT MECH GÄR ZE HUNN,
BESCHÜTZT MECH!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

LES MAL-AIMÉS DE LA BIODIVERSITÉ

JE SUIS LE CORBEAU

Je ne suis pas très populaire, mais:

J'ai beaucoup de qualités:
je suis fidèle, courageux, prudent, sociable…
et l'un des animaux les plus **intelligents**!

Je suis doté d'une grande **sensibilité** émotionnelle et suis capable de me souvenir des visages.



Je suis le 'vautour' **bienfaiteur** du Luxembourg:

Je repère très vite les cadavres d'animaux et contribue naturellement à leur disparition rapide.

Ainsi je **nettoie** gratuitement vos routes, vos trottoirs et vos champs.

Je suis un **protecteur des cultures**:
Je mange bon nombre d'insectes et de petits rongeurs nuisibles pour les récoltes agricoles.

Au cours de l'histoire, les humains m'ont donné une mauvaise réputation par **superstition**. Tout comme le chat noir, j'ai été victime de ma **couleur**. Beaucoup d'humains associaient le noir avec la tristesse et le malheur. Heureusement, nous avons évolué et dépassé ces anciennes croyances.

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

APPRENEZ À M'AIMER,
PROTÉGEZ-MOI!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

DÉI ONBELÉIFTSTEN AUS DER BIODIVERSITÉIT

ECH SINN D'SPANN

Ech sinn net ganz beléift, mee:

Du hues Angscht viru mir, well s du mech net gutt kenns. Duerch Virwëlz kann een d'Angscht duerch Faszinatioun ersetzen.

A Wierklechkeet sinn ech **harmlos** a **schei**.

Ech erfëllen eng wichteg Roll:
Mat menge Frëndinne **reguléiere** mir d'Populatioune vun den **Insekten**.



Wann s du en **Insektizid** op mech sprëtz, ass et net nëmmen eng **Folter** fir mech, mee et hannerléisst och **schiedlech Stoffer** fir dech, deng Kanner an deng Haus-déieren …

Nee, du schlécks keng Spanne wärend dem Schlof!
Dat ass e Mythos.
Och wann s du mam Mond grouss op schléifs, ech krabbelen net do eran.

Vun iwwer 40.000 Spannenaarten op der Welt kënnen nëmme manner wéi 30 Aarte geféierlech fir de Mënsch sinn…
a keng dovunner lieft zu Lëtzebuerg.

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

LÉIERT MECH GÄR ZE HUNN,
BESCHÜTZT MECH!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

LES MAL-AIMÉS DE LA BIODIVERSITÉ

JE SUIS L'ARAIGNÉE

Je ne suis pas très populaire, mais:

Vous avez peur de moi, car vous ne me connaissez pas bien. A travers la curiosité, la peur peut être remplacée par de la fascination.

En réalité, je suis **inoffensive** et **timide**.

Je remplis un rôle important: Avec mes amies, nous **régulons** les populations des **insectes**.



Si tu m'arroses d'**insecticide**, ce n'est pas seulement une **torture** pour moi, mais cela laisse également des **résidus nocifs** pour toi, tes enfants et tes animaux de compagnie...

Non, tu n'avales pas d'araignées pendant ton sommeil! C'est un mythe. Même si tu dors la bouche grande ouverte, je ne me faufilerai pas à l'intérieur.

Sur plus de 40.000 espèces d'araignées vivant sur Terre, seulement moins de 30 peuvent être dangereuses pour l'humain... et aucune de celles-ci ne vit au Luxembourg.

APPRENEZ À M'AIMER, PROTÉGEZ-MOI!

ËMWELTBERODUNG LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

DÉI ONBELÉIFTSTEN AUS DER BIODIVERSITÉIT

ECH SINN D'DAUF

Ech sinn hautdesdaags net ganz beléift, mee:

Ech war laang **ganz nëtzlech** fir de Mënsch!
Ëm 5000 v. Chr. huet meng Domestikatioun ugefaang,
fir Fleesch, Eeër, Dünger an och als Buet.

Ech si **gescheit** a fanne mäi Wee fir Heem ëmmer zeréck, bis op Dausende vu Kilometeren!



Vill Leit mengen datt mir vill Krankheeten iwwerdroen.

Mee dat ass net richteg: Studien hu gewisen datt den Infektiounsrisiko ganz schwaach ass, an net méi grouss wéi bei anere Villercher.

Ech sinn
e Symbol fir
Léift, **Treiheet**
a **Fridden**

Mäi Kot ass schläimeg a mécht vill Dreck?

Jo, mee nëmme well ech den ongesonden Offall vun de Mënschen iessen. Doduerch kréien ech Duerchfall. Gesonde Kot ass méi fest an däischter. Dofir: Loosst w.e.g. kee Knascht leien!

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

LÉIERT MECH GÄR ZE HUNN,
BESCHÜTZT MECH!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

LES MAL-AIMÉS DE LA BIODIVERSITÉ

JE SUIS LE PIGEON

Je ne suis pas très populaire de nos jours, mais:

J'ai longtemps été **très utile** aux humains!
Ma domestication a commencé vers 5000 av. J.-C.,
pour la viande, les oeufs, l'engrais et comme messager.

Je suis **intelligent** et retrouve toujours mon chemin, jusqu'à des milliers de kilomètres!



Beaucoup de gens pensent que je transmets de nombreuses maladies.

Mais ce n'est pas correct:
Les études ont montré que le risque d'infection est très faible. Il n'est pas plus élevé qu'avec d'autres oiseaux.

Je symbolise l'**amour**, la **fidélité** et la **paix**.

Mes fèces sont visqueuses et très salissantes?

Oui, mais seulement car je suis amené à manger les déchets des humains. Cela me donne la diarrhée. Les fèces saines sont solides et plus foncées.
C'est pourquoi: Ne laissez pas trainer vos déchets svp!

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

APPRENEZ À M'AIMER,
PROTÉGEZ-MOI!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

DÉI ONBELÉIFTSTEN AUS DER BIODIVERSITÉIT

ECH SINN D'HARESPEL

Ech sinn net ganz beléift, mee:

Mir spillen eng wichteg Roll fir den **Equiliber an der Natur** ze sécheren!

Mir droen zur **Bestëbsung** vun de Blumme bäi.

Anescht wéi oft gemengt gëtt, gräife mir d'Mënschen net un a picke keen, soulaang mir net bedrot ginn.

Mir **reguléieren** d'Populatioune vun aneren **Insekten**, a sinn esou déi perfekt Ëmweltpolice: natierlech a gratis.



Wann s du eis respektéiers, besteet **keng Gefor**, souguer beim Nascht:

Maach keng hektesch Beweegungen oder Vibratioune beim Nascht, a verspär d'Entrée net.

Mir hunn en Harespel-Nascht an dengem Liewensraum gebaut? Keng Panik! Mir benotzen dëst Nascht just fir **eng Saison**. Spéitstens am November ass d'Nascht eidel an eis Kolonie kënnt och net zeréck.

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

LÉIERT MECH GÄR ZE HUNN,
BESCHÜTZT MECH!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

LES MAL-AIMÉS DE LA BIODIVERSITÉ

JE SUIS LA GUÊPE

Je ne suis pas très populaire, mais:

Nous jouons un rôle fondamental dans l'**équilibre de la nature**!

Nous contribuons à la **pollinisation** des fleurs.

Nous **régulons** les populations d'autres **insectes**, ce qui fait de nous des insecticides naturels et gratuits.

Si tu nous respectes, il n'y a **pas de danger**, même à proximité de notre nid:

Ne fais pas de mouvements brusques ou des vibrations près du nid et n'obstrue pas l'entrée.

Contrairement aux idées reçues, nous n'attaquons et ne piquons pas les humains, tant que nous ne sommes pas menacées.



Nous avons construit notre nid au milieu de ton milieu de vie?
Pas de panique! Nous n'utilisons ce nid que pour la durée d'**une saison**.
Au plus tard en novembre il sera vide et ma colonie ne reviendra pas.

APPRENEZ À M'AIMER,
PROTÉGEZ-MOI!

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

DÉI ONBELÉIFTSTEN AUS DER BIODIVERSITÉIT

ECH SINN DE MAULEF

Ech sinn net ganz beléift, mee:

Meng Präsenz an dengem Gaart ass e gutt Zeechen: et heescht datt **Reewierm** do sinn an datt de Buedem **räich a lieweg** ass.

Ech iessen Insekten a wäert net un deng Planze knabbere goen.

Am Géigendeel: ech **schützen** däi Gaart géint Schädlingen. (Ech iessen och d'Schleeken!)



Ech sinn **diskret** a fäertereg.

Mat menge Galerien hëllefen ech och de Buedem ze **beliften** an ze **entwässeren**.

Wat d'Mënsche stéiert, si meng **kleng Äerdkéip** déi mat engem Reech ganz einfach kënnen ausgeglach ginn…

Wëllt dir mech wierklech mat grausame Methoden eliminéieren, wéinst engem **ästheetesche Grond**?

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

LÉIERT MECH GÄR ZE HUNN,
BESCHÜTZT MECH!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

LES MAL-AIMÉS DE LA BIODIVERSITÉ

JE SUIS LA TAUPE

Je ne suis pas très populaire, mais:

Ma présence dans ton jardin est un bon signe: cela signifie qu'il y a des **vers de terre** et que le sol est **riche et vivant**.

Je me nourris d'insectes et je ne vais pas aller grignoter tes plantes.

Au contraire: Je **protège** ton jardin contre les nuisibles. (Je mange aussi les limaces!)



Je suis **discret** et craintif.

Avec mes galeries souterraines, je contribue à l'**aération** et au **drainage** du sol.

Ce qui dérange les humains, ce sont mes **petits monticules** de terre. Pourtant ceux-ci peuvent facilement être aplatis avec un râteau...

Voulez-vous vraiment m'éliminer avec des méthodes cruelles, à cause d'une **gêne esthétique?**

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

APPRENEZ À M'AIMER,
PROTÉGEZ-MOI!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

DÉI ONBELÉIFTSTEN AUS DER BIODIVERSITÉIT

ECH SINN D'FLIEDERMAUS

Ech sinn net ganz beléift, mee:

Ech si vun Natur aus **net aggressiv**.

Meeschtens **schei**, meiden ech d'Mënschen a bäissen net wann ech net menacéiert ginn.

Ech spillen eng wichteg Roll fir den **ekologeschen Equiliber**.

Ech **reguléieren** ënner anerem d'Bevëlkerung vu **Mustiken**… an droe souguer zur **Bestëbsung** vun de Blumme bäi!



Nee, ech wäert mech **net** an dengen Hoer **verfänken**. Mäin **Ultraschall**-System ass immens prezis!

Falls ech mol méi no bei dengem Kapp fléien, dann ass et bestëmmt fir eng Mustik ze fänken, déi dech grad picke wollt.

Gleeft net d'Legenden an d'Horrorfilmer.

An Europa ginn et keng Fliedermais déi Blutt drénken.

Mir ernären eis vun **Insekten** an **Uebst**.

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

LÉIERT MECH GÄR ZE HUNN,
BESCHÜTZT MECH!

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

LES MAL-AIMÉS DE LA BIODIVERSITÉ

JE SUIS LA CHAUVE-SOURIS

Je ne suis pas très populaire, mais:

Je ne suis **pas aggressive** par nature.

Plutôt **timide**, je préfère éviter les gens et je ne mords pas si je ne suis pas menacée.

Je joue un rôle important pour l'**équilibre écologique**.

Je **régule**, entre autres, les populations de **moustiques**... et je contribue même à la **pollinisation** des fleurs!



Non, je ne vais **pas m'accrocher** dans tes cheveux. Mon système d'**écholocalisation** est très précis!

S'il m'arrive de voler plus proche de toi, c'est très probablement pour attraper un moustique qui s'apprêtait à te piquer.

Ne croyez pas les légendes et les films d'horreurs.

En Europe il n'existe pas de chauves-souris qui se nourrissent du sang.

Nous mangeons des **insectes** et des **fruits**.

APPRENEZ À M'AIMER,
PROTÉGEZ-MOI!

ËMWELTBERODUNG
LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO EBL.LU

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE